ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Vum 19. Mee u soll, wa méiglech, déi ganz Bevëlkerung vu Lëtzebuerg op Covid-19 getest ginn. Dobäi gëtt op drive-through-Teststatioune gesat. D'Tester, d'Logistik an d'Auswäertung stellen e groussen Opwand duer an domat och en héije Käschtepunkt. Och stelle sech Froen, wat den Dateschutz ugeet.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi e Käschtepunkt huet déi geplangten Testserie?
2. Ass dee ganzen Optrag (Tester, Logistik, Auswäertung) un eng eenzeg Firma gaangen oder wéi gouf dee Projet opgedeelt?
3. Wéi eng Prozedure fir ëffentlech Ausschreiwunge si bei dësem Projet ugewannt ginn?
4. Wéi an a wéi engem Delai kréien d'Leit hiert Testresultat matgedeelt?
5. Wéi eng Firmaen, Institutiounen oder aner Instanzen hunn Zougrëff op d'Testresultater? Wéi gëtt den Dateschutz garantéiert?
6. Kontrolléiert d'Regierung wie sech teste gelooss huet a wien net? Wa jo, ginn dës Date gehalen, fir wéi laang an zu wéi engem Zweck gi si gebraucht?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten